



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- a Medieminister souwéi d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 6442 vun där honorabeler Deputéierte Madamm Diane Aehm schreift d'Regierung, datt sech d'Zuel vun de Plaze vu Leit déi ënnert dem Statut vum Presseattaché fir d'Regierung schaffen sech aktuell op 53,5 beleeft. Am Zäitraum vun 2012 bis 2022 ass d'Zuel vun dese Plazen op verschiddene Ministèren och an d'Luucht gaangen, awer néierens sou staark wéi um Ëmweltministère, wou ronn véier nei Posten entstane sinn. Dobäi kommen dräi nei Posten an der Ëmweltverwaltung.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi sech deen iwwerproportionalen Ustig vun deene genannte Posten speziell am Ëmweltberäich erkläert? Fir wéi eng Aufgabe sinn déi Leit verantwortlech, déi op deem nämmelechte Posten an anere Ministèren, respektiv Verwaltungen net ufalen?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten